



**Lëtzebuenger
Guiden a Scouten**
Saint Maximilian Kolbe
Groussbus



Lëtzebuerg, den 17.03.20

Objet : Communiqué de presse / Informatioun / aktuell Situatioun Corona

Här Buergemeeschter,
Dir Damen an Dir Hären vum Gemengerot,
Dir Damen an Dir Hären vun der Press,

Mat dësem Schreiwen wëllen mir, Suite op déi aktuell Situatioun dorop opmierksam maachen, dass d'Scouten den Mënschen **an Nout** wëllen hëllef. Dësen Leit géifen mir an eisen 6 Gemengen, déi zu dem Grupp gehéieren ubidden, ënnert verschidden Virgaben déi mir hei drënner opféieren an erklären, hiren Akaf ze maachen. Well mir am Kader vun dëser Hëllef un den Bierger festgestallt hunn, dass – bedéngt duerch familiär Kontakter – mir och ëmmer nees op Réiden kommen, fir hei Leit ze ënnerstëtzen, wëllen mir higoen an eisen humanitären Déngscht och an der Gemeng Réiden ubidden. Hei drënner fannt Dir eis Reglementer, wéi mir si opgestallt hunn, dëst ugepasst un d'Virgaben vun dem Verband vun den Lëtzebuenger Guiden a Scouten an en Accord mat den Moosnamen vun der Regierung an dem Ministère de la Santé:

- D'Scouten wäerten keng 'Hamster-Keef' maachen. Mir bidden eis Déngschter un fir den normalen Akaf.
- Eis Hëllef göllt nëmmen fir:
 - Eeler Leit, déi sech net méi eraus trauen.
 - Krank Leit, déi alleng net méi an d'Geschäft kommen.
- D'Scouten sinn keng Aart Ersatz-Hëllef doheem. Eisen Service ass reng geduecht fir den Leit an Nout hiren Akaf ze besuergen an heem ze bréngen.
- D'Saachen ginn akaaft, besuergt, wéi et den Fräiwëllegen méiglech ass. Et ass alleng un den Scouten, wéi d'Organisatioun ofleeft.

Folgend Punkten sinn ze beuechten:

- D'Scouten bidden no den leschten Richtlinnen keen Service méi fir Leit, déi mat Covid-19 infizéiert sinn.
- D'Scouten bidden no den leschten Richtlinnen keen Service méi fir Leit an der Quarantän (heescht, déi Kontakt haten mat engem Infizéierten an elo dann hir Quarantän mussen erdroen).
- Weder den Scout an senger Persoun nach den Grupp kënnen verantwortlech gemaacht ginn fir eventuell Problemer vun egal wéi enger Natur. **Et ass dëst vun Säiten vun den Scouten een humanitären Gest an enger aussergewöhnlecher Situatioun. Ween sech heimat net averstanen erklären kann ass gebieden, vun eisem Service Ofstand ze huelen!** Mir bidden hei fir Verständnes – mussen awer hei och eis Memberen, déi sech engagéieren, schützen.
- Secret médical – doduerch, dass den 'Client' dem Scout säin Rezept aushänngt fir d'Medikamenter sichen ze goen, gëtt hien säin Accord, dass den Scout natierlech Abléck op d'Rezept an op d'Medikamenter huet. Wëllt den Client dëst net, muss hien säin Rezept an eng zouen Enveloppe maachen an dem Apdikter (mat engem kléngen Ziedel) d'Umierkung, den Uerder ginn, d'Medikamenter an eng Tut ze paken an dës esou zou ze maachen, dass keen Abléck méiglech ass.

Lëtzebuenger Guiden a Scouten
Grupp Saint Maximilian Kolbe Groussbus
5, rue de Bastogne
L-9155 Groussbus
Tel. : 691 20 99 62 – E-mail : Gruppenchef@groussbus.lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

**VOYAGES
VANDIVINIT**
Reisen mat Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1869



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten

Saint Maximilian Kolbe
Groussbus



Beschten Scoutsgréiss, fir d'Cheféquipe,

Carole Schartz
Gruppechef adjoint

Jean-Claude Schmit
Gruppechef

Kontakt fir Är Bestellungen:

Lëtzebuenger Guiden a Scouten Groussbus
St. Maximilien Kolbe
Tel.: 691 20 99 62

Är Scouten bidden lech hier Hëllef un – an deem Sënn soen mir Merci an freeën eis op een géigesäitegt
Vertrauen an dorop, lech an dësen Momenter eng kléng Stëtzt kënnen un ze bidden.

Lëtzebuenger Guiden a Scouten
Grupp Saint Maximilian Kolbe Groussbus
5, rue de Bastogne
L-9155 Groussbus
Tel. : 691 20 99 62 – E-mail : Gruppechef@groussbus.lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

**VOYAGES
VANDIVINIT**
Reisen mit Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1869